ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Juli 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Dat neit Gesetz fir de Schoulsystem am Enseignement secondaire, huet esou munnech Ännerunge virgesinn. Ënnert anerem soll dëst neit Gesetz de Lycéeë méi Autonomie ginn. Déi zeechent sech natierlech duerch eng gewësse Selbstbestëmmung a -verwaltung aus. Allerdéngs stellt sech d'Fro, ob sech dës eventuell och op d'Auswiel an d'Beschafe vu Schoulbicher an anerem Léiermaterial auswierke wäert.

An deem Kontext hätt ech e puer Froen un den Här Minister:

1. Wat sinn d'Konsequenze vum neie Lycéesgesetz fir d'Auswiel vun de Schoulbicher an anerem Léiermaterial? Behalen d'Professeren oder d'Schoulen d'Méiglechkeet, déi Schoulbicher, déi si am Unterrecht benotze wëllen, selwer erauszesichen?
2. Bleift et beim aktuelle System, datt d'Schüler hir Schoulbicher an dat anert Léiermaterial an de Bicherbutteker, respektiv an de Papeterien, selwer kafen?
3. Denkt d'Regierung drun, zu iergend engem Zäitpunkt d'Bicher oder anert Schoulmaterial fir d'Lycéeë selwer zur Verfügung ze stellen? Wa jo, géing si dat dann iwwer d'Bicherbutteker hei am Land maachen an no wéi enge Modalitéiten?
4. Huet d'Regierung Kenntnesser doriwwer, wéi vill Prozent vum Ëmsaz vun de Bicherbutteker a wéi vill Aarbechtsplazen an deem Beräich hei am Land am direkten Zesummenhang mat der Schoulrentrée stinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten